ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 8. Juli 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

An Holland eskaléieren den Ament d'Bauereprotester. D'Roserei vun de betraffene landwirtschaftlechen Acteuren ass awer op eng gewëss Manéier och nozevollzéien. D'Regierung huet nämlech méi streng Oplage beim Ausstouss vu Schuedstoffer, notamment Stéckstoff an Ammoniak, decidéiert. Dës solle bis 2030 ëm 50 Prozent reduzéiert ginn. Dës Mesurë viséiere virun allem d'Baueren, déi Notzvéi halen. An deem Kontext sinn d'Previsiounen dramatesch: Et rechent een domat, datt duerch dës Mesurë bis zu 30 Prozent vun de Bauerebetriber, déi Notzvéi halen, net méi weider schaffe kënnen. Dës Leit riskéieren also ganz konkret, hir Existenz ze verléieren.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister:

1. Wéi schätzt den Här Minister d'Situatioun an Holland an? Kann hien d'Existenzangscht vun de villen hollännesche Baueren novollzéien?
2. Ugeholl, d'Lëtzebuerger Regierung géif déi nämmlecht Mesuren huelen, wéi dat an Holland de Fall ass: Wéi vill Lëtzebuerger Bauerebetriber missten an deem Fall ëm hir Existenz fäerten?
3. Kann den Här Minister confirméieren, datt an Zukunft net och zu Lëtzebuerg sollen änlech Mesurë wéi an Holland getraff ginn, déi d'Existenz vu ganz ville Lëtzebuerger Baueren op d'Spill setzen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten